N°8373
Entrée le 05.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.10.2023

adr

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Oktober 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoul- an Héichschoulminister weiderzeleeden.

Eis ass do e Fall zougedroe gi vun enger Schülerin, déi dëst Joer am LTAM en Diplom als Elektrotechnikerin am Beräich "Smart Technologies" krut. Dësen "Diplôme de technicien", ënnerschriwwe vum Direkter vun der Chambre de Commerce, vun der Presidentin vun der Chambre des Salariés a vum Direkter vun der Beruffsausbildung an ausgestallt vun der Regierung, ass an dräi Sproochen (Franséisch, Däitsch an Englesch) ofgefaasst. Allerdéngs ass de Begleetbréif vum Ministère, mam "Relevé pour la mention pour élève XY", deen iwwer d'Modullen informéiert, déi d'Schülerin am Laf vun hirer Ausbildung absolvéiert huet an déi fir d'Berechnung vun der Mentioun consideréiert goufen, just op Franséisch. Well d'Meedchen an Däitschland weiderstudéiere wëll an d'Héichschoul eng Iwwersetzung vum Begleetbréif verlaangt huet, huet d'Schülerin missen en Iwwersetzer engagéieren, fir dëst Dokument iwwersetzen ze loossen, wat net nëmmen eng zousätzlech finanziell Belaaschtung fir d'Schülerin duergestallt huet, mee och dozou gefouert huet, datt d'Schülerin hir Ënnerlagen net fristgerecht un d'Héichschoul schécke konnt an si elo riskéiert, ee Semester ze verléieren.

Wéi eis zu Ouere komm ass, handelt et sech dobäi net ëm en Eenzelfall. Dofir géif ech gär dem Här Minister folgend Froe stellen:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt de Begleetbréif vum "Diplôme de technicien" grondsätzlech just op Franséisch ofgefaasst gëtt? Wa jo, aus wéi enge Grënn gëtt dat Dokument just an där Sprooch ausgestallt?
2) Wier den Här Minister bereet, sech bei deene betreffenden auslänneschen Héichschoule fir Studenten anzesetzen, déi duerch dësen Ëmstand riskéieren e Semester ze verléieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8373 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup**

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Froe mat dëse Prezisiounen.

Et ass richteg, datt deen zitéierten *Relevé pour la mention* nëmmen op Franséisch bis ewell ausgestallt gëtt. Dëst wäert awer bis de Summer 2024 geännert ginn. Effektiv ass de Service vun der Beruffsausbildung zanter enger Zäit amgaangen, all d'Dokumenter, déi mam Ofschlossdiplom a Verbindung sinn, ze iwwersetzen. Esou gëtt et haut schonn den Diplom selwer, d'*Certification des modules préparatoires* (ouni d'Annexe), d'*Note moyenne globale* (op Demande an ouni d'Annexe) an den dräi Sproochen. Dësweideren gëtt de *Supplément descriptif au diplôme* op Däitsch a Franséisch ausgestallt. Nieft dem *Relevé pour la mention* wäert dann och de *Relevé des modules réussis* ab Summer 2024 op dräi Sproochen verfügbar sinn.

Am Prinzip sinn d'Universitéiten an Héichschoulen autonom, wat d'Admissioun vu Studenten ubelaangt.

Lëtzebuerg, de 16. November 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH